

EMBARGO jusqu'à mardi, 19 janvier 17h

Seul le discours prononcé fait foi

Pot des Présidents, 19 janvier 2016 - Discours Michel Reckinger

Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit,

D'Madame Lydia Mursch, Gesondheets- an Chancegläichheetsministerin

D'Madame Carole Dieschbourg, Ëmweltministerin

Här Logementsminister, Marc Hansen,

Madame Francine Closener, Staatssekretärin am Economieministère,

Här Guy Arend, Staatssekretär am Kulturministär,

Dir Dammen an Hären Députéiert a Memberen vum Staatsrot,

Här Roland Kuhn, Präsident vum der Chambre des Métiers

Léif Invitéen,

Léif Frënn vum Handwierk,

Et ass mir och am Numm vum der Chambre des Métiers, der Fédération des Artisans a senge Membersverbänn eng ganz grouss Freed, lech haut um Neijoers-Patt vum Handwierk, hei am Haus vum Handwierk, begrüessen ze kënnen. Bei eis schreift een nach Haus op Lëtzebuergesch mat „a“.

Fir mech as dat haut eng Première, nodeems ech am Mäerz vum leschte Joer, d'Mandat vum Präsident vum der Handwierkerfederatioun vum Norbert Geisen iwweholl hunn.

Ech sinn an éischer Linn Handwierker a Chef d'entreprise. Dofir waren déi lescht Méint fir mech eng Zort Apprentissage, wou ech de Métier vum Verbandspräsident am Kontakt mat eise Memberen, de Sozialpartner a mat den Responsabelen aus der Politik geléiert hunn.

Des Zäit war, bis elo, sécherlech instruktiv a spannend awer zu engem gewëssenen Deel och ernüchternd.

Ech mengen dat ass ee Gefill, dat ech mat deene meeschten heibannen, déi vun no oder wäit mat Politik ze dinn hunn, a mat ville Politiker selwer, deelen.

Wat ech geléiert hunn, ass dass d'Welt vun de Betriber an d'Politik zwee verschidden Systemer sinn, an dass d'Viraussetzungen fir an dem engen oder aneren System erfollegräich ze sinn, net déi selwescht sinn.

An engem Betrib ass et wichteg eng Visioun ze hunn, zielorientéiert ze sinn, Problemer ze erkennen an, virun allem, dann Entscheidungen ze treffen, an déi och duerchzesetzen.

D'Politik gëtt sech d'Virgab am Konsens ze schaffen, partizipativ ze sinn, an d'Ënnerstëtzung vun all méiglechen Akteuren ze kréien. Dat reslutéiert dann ze dacks an engem Ofwaarden an an engem Aussetzen vu Problemer amplaz vun engem resoluten Ugoen fir Léisungen ze implementéieren.

Och wann mir alleguer d'Zielsetzung vun engem finanziell gesonden, sozial equitabelen a liewenswerten Lëtzebuerg deelen, sinn mer eis awer oneens iwwert Decisiounen déi néideg sinn, fir dës Zielsetzung z'erreechen an an der Zäit ofzesécheren.

Dir Dammen an Hären,

Trotz dësen Ënnerscheeder muss et der Politik an den Employeursverbänn geléngen eng gemeinsam Sprooch ze fannen. Et muss eis am Intérêt vum Land geléngen eis Efforten ze bündelen an an déi selwescht Richtung ze steieren.

Ouni gesond Economie huet eng Regierung keen finanziellen Handlungsspillraum fir Politik ze maachen. Ouni gutt Politik kënnen d'Betriber sech net entwéckelen an zum wirtschaftlechen an sozialen Räichtum vum Land bäidroen.

Als Employeuren sti mir zum Lëtzebuerger Modell, mir stinn zum Prinzip, dass d'Betriber eng gesellschaftlech Verantwortung hunn, mir stinn zu engem staarken Sozialstaat.

Eng vun den Definitiounen vum Sozialstaat ass, déi Staark staark maachen, fir dass se déi Schwaach droe kënnen!

Fir dass déi Staark méi staark kënnen ginn heescht dat, dass mer e wirtschaftsfrëndlecht Ëmfeld an virun allem e Stéck Vertrauen vun der Politik brauchen, fir dass Betriber dat leeschten kënnen, wat vun hinnen mat Recht verlaangt gëtt.

Dir Dammen an Hären,

Dir erënnert lech. Virun bal genau engem Joer hunn mir als UEL en Accord mat der Regierung ënnerschriwwen. D'Vue op dat wat aus dem Accord bis haut ëmgesat ass, ass fir eis grondverschidden par rapport zu deem wat d'Regierung mengt schons geleescht ze hunn.

Mir stelle fest, dass d'Betriber hiren Deel vum Accord ëmgesat hunn, andeems se zesummen mat der ADEM grouss Efforten gemaach hunn fir géint de Chômage ze kämpfen. Chômagezuele ginn erof, do gëtt et ganz kloer eng Relatioun.

Haut stelle mer also fest, dass ausser enger Deel-Regelung fir de Problem vun der Mutualitéit d'Regierung bis elo **keng** vun hiren Engagementer aus dem Accord ëmgesat huet.

Mir stelle fest, dass d'Reform vum Congé parental, eng Flexibilitéit fir den Employé, um Instanzewee ass, **ouni** dass en contrepartie eng méi grouss Flexibilitéit bei der Ausgestaltung vun der Aarbechtszäit décidéiert ginn ass – an dat wär jo awer de logeschen a politesch acceptéierte Corrolaire. Flexibilitéit, also nach e Punkt aus dem Accord, deen net ëmgesat ass.

Mir stelle fest, dass nach ëmmer **keng** Adaptatioun vum Aarbechtsrecht am Kader vum salaire social minimum qualifié gemaach gouf, obwuel dat e Punkt am Accord war, zu deem sech d'Regierung **ferm** engagéiert hat.

Mir stelle fest, dass mer säit Joren vun engem Omnibus- respektiv TGV-Gesetz am Beräich vun der administrativer Vereinfachung schwätzen, et ass nach ëmmer näischt geschitt. Och dat war e Punkt aus dem Accord vum Januar 2015.

Au contraire soen eis d'Handwierksbetriber, dass alles ëmmer méi komplizéiert, schwéierfälleg an zu gudder Lescht décourageant gëtt fir zu Lëtzebuerg nach eppes ze ënnerhuelen. Den Ëmweltvolet ass jo aus dem Omnibusgesetz erausgeholl ginn, faute de courage politique, an et ass awer grad do, wou et oft genuch klemmt.

Dir verstitt wou ech hin wëll: d'Verbänn an d'Betriber halen hiren Deel vum Accord an, an déi aner Säit geet dat méi roueg un. „Et ass jo nach Zäit“ kréie mer gesot oder „Et ass um Instanzewee“. „D'Legislatur dauert jo nach e puer Joer“ heescht et weider...

Dat as eng Situatioun, déi mir Handwierksorganisatiounen vis-à-vis vun eise Memberen net akzeptéiere kënnen. Beim Statut unique ass et eis schons sou gaang. Do gouf soulaang doriwwer diskutéiert wat dann lo „neutralité financière“ ass bis kee méi wollt eppes dovunner wëssen.

Mir sinn demokratesch Strukturen mat Verrieder déi vun eiser Basis gewielt sinn. An eis Basis freet eis firwat mer iwwerhaupt nach Verhandlungen aginn, wou herno d'Engagementer vis-à-vis vun de Betriber, aus wat fir Grënn och ëmmer, net agehal ginn.

Ech mengen et wier un der Zäit, dass d'Regierung lo endlech eng Rei „vertrauensbildend Massnahmen“ géif op den Dësch leeën.

Dir Dammen an Hären,

Mir alleguer brauchen eisen Handlungsspillraum.

Betriber brauchen Planungssécherheet, awer si brauchen och eng gewëssen Flexibilitéit fir an engem ëmmer méi kompetitiven Ëmfeld eens ze ginn, sech z'entwéckelen an Aarbechtsplazen ze halen an neier ze schafen.

Politik zu Lëtzebuerg gesäit awer den Handlungsspillraum, deen een de Betriber kann a soll ginn, besonnesch kritesch. Mir spieren zu Lëtzebuerg déi globaliséiert Economie ganz direkt, mir sinn net eleng. D'Groussregioun an doriwwer eraus Osteuropa an Economien vun nach vill méi wäit ewech drécken permanent op eise lokale Marché. Trotzdem gesäit d'Politik d'lëtzebuerger Betriber virun allem als potentiell Gefor, virun deene d'Salariéën, d'Ëmwelt an deelweis d'Institutiounen geschützt musse ginn.

Verstinn mer eis net falsch. D'Economie brauch Regeln. D'Economie brauch Kontroll an d'Economie muss sech den politeschen Spillregeln ënnerwerfen.

D'Economie brauch awer och Fräireim an Loft fir sech ze developpéieren.

E Beispill ass, wéi schon, gesoot Diskussioun iwwert eng Flexibiliséierung vun der Organisatioun vun der Aarbechtssäit, wéi se eis vun der Regierung versprach gouf.

Ech mengen net, dass ech ee Geheimnis verroden, wann ech lech soen, dass dat wat momentan um Dësch läit a ronderëm dat verhandelt gouf, net dat ass wat mir eis vun sou enger Diskussioun versprach haten. D'Regierungssäit huet fir e bëssen Flexibilitéits Diskussioun ze kréien scho lo sou vill sougenannten Contre-partien an de Raum gestallt, dass ee sech freet, ob et iwwerhaupt ee Wert huet weiderzeschwätzen oder ob een net besser hätt der Regierung ze soen, se sollen alles beim Ale loossen.

Wann do net ee seriösen Hoff gemaach gëtt, gesinn ech op alle Fall schwaarz fir déi Diskussiounen! Op d'mannst eng Gewerkschaft huet jo schon eigentlech kloergemaach, dass si am léifsten iwwerhaupt Näischt bei der Flexibilitét géif änneren, an direkt eng zousätzlech Congéswoch gefuerdert. Déi Zort vun Diskussioun brauche mer net. D'Plaz fir den Sozialdialog gëtt ëmmer méi kleng!

Vergiesse mer net, dass d'Referenzperiod op europäeschem Niveau op 4 Méint fixéiert gouf. Zu Lëtzebuerg sinn mer am Moment op 1 Mount, obwuel mer verstan haten, dass d'Regierung d'Ambitioun hätt Direktiven 1 zu 1 ëmzesetzen. Toute la Directive et rien que la Directive war jo

mol de Leitmotto, deem sech d'Regierung selwer ginn huet. Wann et awer politesch opportun ass, ginn mer iwwert Directiv eraus, a wann et manner opportun ass, bleiwe mer wäit drënner. Dat ass keng gesond Situatioun.

D'Grondidee vun der Flexibilisatioun muss bleiwen, dass e Betrib bei manner Aarbecht, manner schaffe kann. Awer dofir méi schaffe kann, wann d'Aarbecht do ass. Et gëtt klimatesch Bedingungen déi Aarbecht onméiglech maachen, et gëtt saisonal Schwankungen, et gëtt gesellschaftlech Ufuerderungen un betriblech Prestatiounen déi mussen erfëllt ginn.

An et gëtt een Aarbechtsrecht mat deem de Betrib a seng Salariéen mussen eens ginn, fir d'Interessen ënnert een Hutt ze kréien.

Wann mer haut erauskucken, da wësse mer, dass de Bau am Moment net schaffe kann. Den Chômage intempéries kascht de Staat deemno wéi all Joer 15 bis 20 Milliounen Euro. Och déi Käschte kéinte mer eis mat enger intelligenter Flexibilisatioun um Niveau vum Betrib spueren.

Wat déi Diskussioun ëm d'Flexibiliséierung beweist, ass dass d'Mësstrauen vis-à-vis vun den Betriber ëmmer méi oder manner latent an der Politik präsent ass, a gëtt besonnesch vun enger Gewerkschaft bei all Geleeënheet ugestëppelt.

Am Handwierk, an ech mengen och an anere Secteuren, sinn qualifizéiert an motivéiert Mataarbechter eis wertvollst Ressource. Et brauch keen engem Patron ze erklären wéi een déi Ressource heegt a fleegt. Dat ass eng Relatioun, déi op géigesäitegen Respekt, Vertrauen an och Zefriddenheet berout, fir dass se iwwerhaupt kann funktionnéieren.

Wann een d'Situatioun vum Fachkräftemangel an der Groussregioun kuckt an dann och nach weess wéi et em eis formation professionnelle bestallt as, da versteet een, dass mir ganz sécher keng Gewerkschaftszentral an och keen - e puer Kilo schwéieren - Code du travail brauchen, fir eis am Detail ze soen wéi mir mat eiser wertvollster Ressource, wat eis Mataarbechter sinn, ëmgoen sollen.

Den Sozialdialog an de Betriber funktionnéiert an en ass esou lieweg wéi nach ni.

Dofir soen ech et hei och kloer: Den natierlechen Interlocuteur fir d'Aarbechtkonditiounen ze fixéieren sinn d'Betriber an hir Mataarbechter an net d'Gewerkschaftszentralen.

Den Niveau op deem mer Léisungen fanne mussen, ass um Niveau vum Betrib zesumme mat eise Personaldelegatiounen, die de Betrib, seng Suergen a seng Realitéiten kennen, an net um Niveau vun de Gewerkschaftsbonzen, déi nach ni e Betrib vu bannen gesinn hunn a wou mir vu lauter Tabuen a roude Linnen net méi wëssen, wohin mer trëppele sollen an a kengem Dossier weiderkommen.

Ech géif dofir e generellen Appel un d'Politik riichten. Och de Patron ass en Deel vun Lëtzebuerg. Och de Patron ass drun geleeën, dass et jiddferengem esou gutt wéi nëmmen méiglech geet, virun allem hiren Mataarbechter. Dofir brauche mer och vun der Säit vun der Politik vill méi Vertrauen wat eis Uleies uginn an Akzeptanz fir eis Besoinen a Propositionen. A mir mussen dëst Vertrauen an déi Akzeptanz net just verbal assuréiert kréien, mir mussen se herno och an de Gesetzestexter a Reglementer erëmfannen.

En Message vun der Regierung a Richtung Employeuren ass iwwekfälleg. En Zeechen vu guddem Wëllen ass iwwekfälleg.

D'Ëmsetzen vum Accord vum Januar 2015 ass méi wéi iwwekfälleg.

Dir Dammen an Hären,

Politik brauch och säin Handlungspillraum. Ouni finanziell gesond Basis ass keng aktiv Politik méiglech.

Ouni kompetitiv Economie hunn mer net déi néideg Moyenen een generéisen Sozialstaat ze finanzéieren. Den Sozialstaat ass net just d'Resultat vun enger politescher Wëllenserklärung, wéi et vun verschiddenen Säiten duergestallt gëtt. E staarke Sozialstaat ass virun allem en Zeechen vun enger staarker Economie.

Dat huet de Premier viru kuerzem am Radio an op der Tele esou bestätegt. Mais och hei gëllt et, des Aussoen z'assuméieren an doraus déi richteg Conclusiounen ze zéien.

Et stëmmt, dass mer am Moment eng gutt Croissance hunn. An ech weess, dass dat d'Argument ass fir ze soen, dass d'Economie jo trotzdem dréint, an dass dat wat d'Employeuren froen, als iwverflësseg oder esouguer als Provokatioun empfongt gëtt.

Wann mir awer éierlech sinn, da wësse mer, dass déi Croissance virun allem vun engem Secteur gedriwwen gëtt, an dass se op extern Facteuren zéreckzeféieren ass a net op politesch Initiativen oder wirtschaftlech Meeschterleeschungen, déi op eiser Mëscht gewuess sinn.

Et kommen mat Sécherheet nach aner Zäiten op eis duer. Et wier elo de richtege Moment fir dat Polster ze notzen, fir Reformen ze maachen, déi mer brauchen fir eis duerch déi nächst Kris ze bréngen.

Et fléckt een den Daach wann d'Sonn schéngt, an net wann et riicht eran reent a stiermt.

Eis Croissance réaliséiere mer och net duerch méi Produktivitéit, mais duerch méi Emploi, den mir virun allem duerch Frontalieren besetzen. Méi Aarbechtsplazen, méi Assuréen an de Sozialsystemer, méi Prestatiounen, déi mer à terme exportéieren, méi Verkéier deen mer net méi meeschter ginn, méi Pénurie un Terrain asw.

Politesch Handlungsfräiheet géif an eisen Aen och heeschen fir driwwer nozedenken, wéi een mat manner Leit méi maachen kann. Do sinn mer um Dossier vun der Produktivitéit.

Dofir menge mer, dass Politik gutt beroden wier et net just de Gewerkschaften z'iwwerloossen, fir ze bestëmmen wat zu Lëtzebuerg sozial a wat net sozial ass. Ze bestëmmen wat an den Aarbechtsrelatiounen méiglech ass a wat net. Ze diktéieren iwver wat um politeschen Niveau däerf geschwat ginn an iwver wat net.

De Primat vun der Politik däerf net just vis-à-vis vun de Betriber gëllen, mee e muss och vis-à-vis vun de Gewerkschaften gëllen.

Wat eis Popularitéit betrëfft, brauche mer eis alleguer keng Illusiounen ze maachen. Trotzdeem sollte mer net vergiessen, dass d'Gewerkschaften laut Politbarometer nach manner Akzeptanz

an der Bevölkerung hunn. Hannert der Regierung, hannert de politesche Parteien an och nach hannert dem Patronat. Et soll een also net de Feeler maachen d'Gewerkschaftspositionen mat der Opinion publique ze verwiesselen.

Ech mengen, dass d'Gewerkschaften sech net als Partner vun der Politik gesinn. Do geet et just em Muecht an Duerchsetzen vun Fuerderungen. An ass eng Fuerderung erfëllt, wuesse wéi bei der Medusa 10 nei Fuerderungen no.

D'Gewerkschaften hu keen Interêt un enger Visioun à long terme, si mussen bei hiren Memberen mat kuerzfristegen Resultaten punkten.

Et wier eiser Meenung no un der Politik mol kloer ze soen, dass mir zu Lëtzebuerg e Sozialstaat a Prestatiounen hunn, wéi et se keng 2. Kéier op dëser Welt ginn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg den AAA social verdingt an do kann och d'Politik stolz drop sinn.

Mir mussen zesumme kucken, wéi mir dat wat mer hunn erhale kënnen, amplaz eis vun der Gewerkschaft dreiwien ze loossen fir iwwerall nach eng Couche drop ze setzen bis de System irgendwann an sech zesummefällt.

Dir Dammen an Hären,

Ech wëll des Wieder net just als Kritik verstane wëssen. Et ass een Appel an eng renouveléiert Offer vun eiser Sait fir zesummen, partnerschaftlech un der Zukunft vu Lëtzebuerg ze schaffen.

Politik zesumme mat Employeursverbänn kënnen nach vill bewegen, wann se sech vertrauen an eppes zoutrauen.

Dass d'Politik an d'Handwierk op konkrete Projeten gutt zesummeschaffe kënnen steet ausser Zweifel.

E gutt Beispill sinn d'Centres de Compétences an de Beräicher Génie Technique a Parachèvement, déi d'Fédération des Artisans zesumme mat 14 Fachverbänn am leschte Joer gegrënnt huet.

D'Politik, a ganz besonnesch Staatssekretärin am Wirtschaftsministère Francine Closener, huet de Projet vun Ufank un positiv begleet an hir gëllt och eisen ganz spezielle Merci hei op dëser Plaz.

Mat deenen Centres de Compétences schafe mir fir eis Betriber eng strukturéiert Offer am Beräich vun der beruflecher Weiterbildung. D'Equipe ass en Place an déi éischt Formatiounen sinn ugelaaf. An de nächste Joeren wäerten zu Beetebuerg op engem Terrain, deen eis vun der Regierung zu Verfügung gestallt gouf, déi néideg Infrastrukturen entstoen, fir Weiterbildung a gudde Konditiounen ubidden ze kënnen.

Fir bal 80 Prozent vun de Chefs d'entreprise ass d'Pénurie un main-d'oeuvre qualifiée de Problem Nummer 1.

Mat den Centres de Compétences huet sech d'Handwierk zesumme gedoen, fir iwwert Weiterbildung méi produktiv a méi kompetitiv ze ginn. Et sinn och d'Betriber, déi des Weiterbildungsoffer iwwert Kotisatiounen finanzéiere wäerten.

Do soe mer dem Sozialminister e grouse Merci, an erënneren en drun, dass hien eis virun scho bal engem Joer d'Méiglechkeet zougesot huet, des Kotisatiounen iwwert den Centre Commun anzezéien.

Leider ass do op haut trotz vill guddem Wëllen vun alle Bedeelegten awer nach ëmmer keng konkret Léisung en vue, an et gëtt lues a lues héich Zäit fir eis, dat néidegt Instrument ze schafen, am anere Fall komme mer all an d'Laberenten.

Den Centre de Compétences ICT, deen just virun Chrëschttag presentéiert gouf, huet och d'Handwierksfederatioun iwwert den Verband vun den Intégrateuren ugestouss, an et sinn

schon aner Beruffer déi bei eis ugeklappt hunn, fir an der Formation continue mat eegenen Centre de compétences op de selweschte Wee ze goen.

Eng aner flott Initiativ vun der Chamber ass d'Campagne Hands-up mat der an enger flotter Manéier d'Promotioun vun eise Beruffer gemaacht gëtt.

Bei der Formation initiale huet d'Uni Lëtzebuerg eng Bestandsopnahm vun der 2008er Reform vun der Berufsausbildung gemaacht. D'Chambre des Métiers, äussert déi Bedenken déi do thematiséiert ginn schon säit Joren. De Bilan ass net positiv, en ass souguer katastrophal. Dat wësse mir och an eise Betriber schon laang.

D'Fédération des Artisans huet dofir zesummen mat hiren Fachverbänn an de Leit déi an der Berufsausbildung engagéiert sinn, eegen Propositionen ausgeschafft, déi am Kader vun der Neiorientéierung vun der Formation professionnelle an Diskussiounen eranfléissen sollen.

Dës Propositionen, an engem Pabeier zesummegefaasst, wäerte mer an de nächste Wochen, an enger éischer Phase mol mat der Chambre des Métiers diskutéieren an dann dem Minister an der Ëffentlechkeet presentéieren.

Dir Dammen an Hären,

E weideren Dossier, deem eis beschäftegt ass deem vun der Steuerreform. Et héiert een viles, awer wëssen deet een nëmme wéineg. Den Taux d'affichage soll erofgesat ginn, an op der Géigesäit soll d'Base imposable vum impôt sur les collectivités méi breet gemaacht ginn, fir dass mer an der europäescher Steuerkonkurrenz den Uschloss net verléieren.

Dat ass natierlech begréissenswert, trotzdeem musse mer oppassen, dass dat net op Käschten vun der Investitiounsfähegkeet vu klengen a mëttelstänneschen Entreprises geet. Well mir, wéi mer schon héieren hunn, produktivitéitsméisseg e ganz enke Kader gesat kréien, a well de Präis vun de Terrainen fir mëttelstännesch Entreprises ufänkt e Standortnodeel ze ginn, musse mer grad mat der steuerlecher Belaaschtung vun dese Betriber ganz gutt

oppassen. Och d'Handwierk wëll do mat an d'Gespréich abezunn ginn fir uerdentlech Léisungen zesummen auszeschaffen.

Dir Damen an Hären,

Och de Logement ass en immens sensibelen Dossier. D'Pénurie vun Terrainen, awer och déi laang an komplex Genehmigungsprozeduren maachen Wunnen zu Lëtzebuerg deier. Duerch deen deiere Wunnraum geroden indirekt dann och d'Léin ënner Drock, wat dann zu Problemer an der ganzer Economie féiert.

Als Handwierk sinn mir der Meenung, dass mer de Präis vum Logement nëmmen an de Grëff kréien andeems mer d'Offer eropsetzen.

Fir d'Offer erop ze kréien, muss jiddereen queesch duerch all Ministère an all Gemeng seng Verantwortung iwwerhuelen. D'Handwierk ass och hei prett fir iwwerall do Verantwortung z'iwwerhuelen, wou et eng Handhab huet.

Mir proposéieren der Regierung e Partenariat fir de Logement.

Well méi Logement awer net just eng Fro ass vun guddem Wëllen, brauche mer Rahmenbedingungen an der Landesplanung, am Aménagement communal an am Environnement, déi d'Schaffen vu Wunnraum ënnerstëtzen.

Dat ass een Défi, den mer gären mat der Regierung zesumme géifen ugoen.

Dat selwescht gëllt fir d'Ëmwelt an d'Energiepolitik. Op der COP 21 goufen, och ënner Lëtzebuerger Impuls, wäitreechend Décisionen geholl fir eng global Reduktioun vum CO2 Ausstouss z'erreechen.

D'Handwierk begréisst den Accord vu Paräis a gesäit sech och do als Partner. Mir kënnen bei der Ausgestaltung vun der künftiger Energiepolitik sécherlech en Input aus der Praxis ginn; 40 Prozent vun der Energie ginn a Wunnhaiser verbraucht.

Dofir gesinn mer och eng Prioritéit an der energetescher Sanéierung vum Wunnbestand, den mer steierlech besser begleede mussen. Hei huet d'Fédération des Artisans an d'Chambre des Métiers konkret Proposen gemaach, wéi zem Beispill acceleréiert Ofschreibungsméiglechkeeten an Steierkrediter fir Investitiounen am Beräich vun energetescher Sanéierung vun Eegenheemer a Mietwunnengen.

Wat künfteg Constructiounen betrëfft, gëllt jo ab dem 1.1.2017 den Nearly 0 Standard.

Am Kontext vun der Energieeffizienz musse mer awer oppassen, dass mer am Kader vun deem bleiwen, wat herno nach realisabel a bezuelbar ass.

Mir bidden eis Mathëllef un fir déi richteg a wichteg Ziler vun der COP21 hei fir Lëtzebuerg ëmsetzen ze kënnen. Nëmmen mat de Betriber a net géint Betriber ass et méiglech séier an efficace Mesuren ëmzesetzen.

D'Handwierk bereet sech schon säit enger gudder Zäit op déi Echéancen vir. Sief et am Kader vum Label Energie fir Zukunft +, dem Passivhaustechniker déi vun der Chambre des Métiers ugebueden gëtt, an natierlech och am Kader vun den Centres de Compétences, wou esou Formatiounen zu den Prioritéiten ziele wäerten.

Dir Dammen an Hären,

Et géif nach vill ze soen iwwert Themen an deenen akuten Handlungsbedarf besteet, z.B. zu den Marchés publics, zum Sozialdumping, d'Integratioun vun Flüchtlingen, zum Entrepreneursgeescht an den Sozialversécherungen.

Et stinn vill Défien virun der Dier. Ech géif proposéieren, dass mer déi Défien mat oppenem Viséier an zesummen mat de Betriber an virun allem zesummen mam Handwierk uginn.

D'Handwierk mat sengen 6.000 Betriber an 80.000 Mataarbechter ass een innovativen Secteur, deen gläichzäiteg fir Stabilitéit steet an jonke Leit konkret Zukunftsperspektiven bidde kann. Dat soll an eisen An och esou bleiwen. Dofir wäerten eis 2 Handwierksorganisatiounen an eis Membersverbänn sech och dëst Joer am Intérêt vun eise Betriber an de Leit déi an eise

Betribber schaffen asetzen. An der Optik an am Kontext vun engem Ëmfeld am Wandel ass d'Chambre des Métiers am Gaangen sech strategesch fir d'Zukunft nei opzestellen an ze kucken wat fir Initiativen gegebenfalls am Partenariat mat aneren Acteuren ëmgesat kéinte ginn fir déi politesch Interessenverriedung an d'Initiativen nach besser op d'Besoinen vum Handwierk auszeriichten.

Et ass mir wichteg all den Chefs d'entreprise déi an deene verschiddenen Gremien vun Chamber an Federatioun op benevoler Basis aktiv sinn ee grouse Merci ze soen an ech hoffen dat si sech och 2016 mat vill Energie wäerten engagéieren.

Dir Dammen an Hären

Domat wëll ech elo schléissen andeems ech lech alleguer an Äre Léiwen e gutt neit Joer wënschen, Gesondheet an vill Erfolleg bei deem wat Dir lech virhuet.

Ech wëll awer och vun dëser Plaz profitéieren fir lech e ‚save the date‘ matzeginn. Dëst Joer feiert d'Fédération des Artisans hiren 111 Gebuertsdag. Dat maache mir mat engen grouse Fest vum Handwierk, den 20. Oktober, op dat Dir alleguer ganz häerzlech invitéiert sidd. Detailer komme no.

Den traditionnellen Don, deen d'Federation des Artisans an d'Chambre des Métiers zum Joeresenn mécht, ass d'lescht Joer un d'Associatioun Aides aux Philippines gang, déi vun eisem Handwierksskolleg Olivier Conrardy gegrënnt gouf, dee seng Existenz hei zu Lëtzebuerg opginn huet, fir op de Philippinen de Mënschen nom schrécklechen Typhoon Haiyan ze hëllefen.

Voilà,

nach eemol Merci.

Den Buffet, gouf wéi ëmmer, vun eise Liewensmëttelverbänn preparéiert.

Ech géng just nach ganz kuerz d'Wuert un de Roland Kuhn, deen nach e puer Wuert zu engem speziellen Don vun der Chambre des Métiers soe wëll.